

# Spiri-Dossier



Stip – Biber 2017

## De klengen Zauberer a säi Frënd

(fräi Iwwersat no der Geschicht „Der kleine Zauberer und sein Freund“ vum Gina Ruck-Pauquet)

Um Enn vum Bësch an engem einfachen Haus, du wunnt e klengen Zauberer. Eigentlech geet et him ganz gutt, an hien huet alles wat hie brauch, a wann him eppes feelt, dann zaubert hein et sech eben.

Et ass Hierscht, an den Zauberer setzt op engem Steen a kuckt de faarwege Blieder no, déi vun de Beem falen. Hien hat sech grad en Apel opgeraf an hie genéisst déi lescht Sonnestralen. „Wéi schéin ass et dach“ denkt hien, „mee et wier nach alles méi schéi wann ech ee Frënd hätt mat deem ech mäin Apel deele kéint.“ „Jo“ denkt hien „ech well en Frënd hunn mat deem ech alles deele kann.“

An den Zauberer mécht sech op de Wee a Richtung Duerf fir en Frënd ze sichen.

No beim Duerf, beim Bauer an der Wiss do steet eng Kou, déi am gang ass gemittlech ze friessen. „Hei du,“ rífft den Zauberer wëlls du mäin Frënd ginn, „ech zauberen dir och alles wat s du wëlls, du kriss och ëmmer frësch Gras.“ D’Kou kuckt ganz belemmert dran, si muuht eng kéier ganz haart, dann dréint si dem Zauberer den Hënneschten dohinner, si mécht en décke Kouflapp an d’Wiss a geet hirer Wee. „Ok“ denkt den Zauberer „dat war wuel näischt, ech sichen mir einfach en anere Frënd.“

An do op der Mauer an der Sonn do léit laang gestreckt eng Kaz. „O jo, eng Kaz dat ass flott, déi kann een heemelen a mat hir schmusen. Komm Pussi, Komm, ech well däi Frënd ginn. Ech fänken dir och ëmmer Mais an du kanns bäi mir am Haus beim gudde waarmen Uewe léien.“ Miauu, Miauu, mécht d’Kaz, a wéi den Zauberer se wollt heemelen, du huet si hie mat hirer Patt duerch d’ganz Gesiicht gekraazt. „Ups, dat war wuel näischt“ mierkt den Zauberer, awer hie gött net op.

Wéi hien an Duerf kennt do leeft en Mupp fräi ronderëm. „O jo, en Hond dat ass e bessere Frënd. Komm Muppi komm, ech well däi Frënd ginn, du kriss och ëmmer Wirschtercher a bäi mir do ass et schéin.“ Wuff, wow, De Mupp fänkt un ze knuren, a billt ganz haart, an den Zauberer kritt richtig Angscht a leeft ganz schnell fort. „Ups, dat war wuel näischt,“ denkt den Zauberer

A wéi hien ganz ausser Otem an déi aner Strooss koum, du geséit en Kanner déi do mam Ball spillen. „He, kann ech matspillen, wëllt dir meng Frënn ginn?“ rífft den Zauberer. An d’Kanner kucken hie grouss un, „mir kennen dech jo guer net, kuck emol wéis du ausgesäis, a esouwisou mir brauche kee méi, mir sinn zu genuch fir ze spillen“ an si loossen den Zauberer einfach stoen.

Traureg geet den Zauberer an säi Bësch zeréck, hie setzt sech op säi Steen an denkt, da muss ech eben eleng bleiwen. „O neen, wat sinn ech dach esou domm ech ka jo zauberen, jo ech zaubere mir einfach ee Frënd.“ Hien hält säin Zauberstaf, hie mécht d’Aen zou e seet: „Hokus Pokus simsalabim, ech hätt gär een Frënd!! Wéi hien d’Aen erëm opmécht a kuckt, du war näischt do. An hien zaubert nach eemol, hie mécht d’Aen zou: „Hokus Pokus simsalabim ech hätt gär e Frënd.“ A wéi hien elo op de Buedem kuckt, do war do eng kleng Eil. „Wat méchs du dann hei, wou kenns du dann hier.“ „Ma du hues méchs elo grad gezaubert.“ „Hee, elo verstinn ech näischt méi, ech wollt dach e Frënn, wat soll ech da mat dir ufänken.“ „**E Frënd kann een dach guer net zauberen, e Frënd muss ee gewannen, fir e Frënd ze fanne muss een säin Häerz grouss opmaachen.** Awer wanns du wëlls, da kann ech jo däi Frënd sinn.“ De Zauberer war net ganz begeeschtert, „ok, mir kenne jo emol probéieren.“ An d’Eil ass iwwert sengem Kapp ronderëm geflunn, Komm ech weisen dir de Bësch. Si huet him Plaze gewise wou hien nach ni war. De ganze Mëtteg sinn si ronderëm geturnt, an Zäit ass nëmmen esou verflunn. Et war keng Minutt langweileg mat der klenger Eil. A wéi et däischer ginn ass du wollt d’Eil sech verabschiden. „Wéi, du wëlls elo goen, elo wou et grad esou schéin ass, mir sinn dach Frënn.“ An vun deem Dag un war den Zauberer net méi eleng, **Hien hat d’Eil an säin Häerz geschloss**, si ware gutt Frënn ginn.

## Der kleine Zauberer und sein Freund

Früher war der kleine Zauberer stets vergnügt und guter Dinge. Aber jetzt ist er manchmal traurig. Dann setzt er sich an den Bach, läßt Blätter schwimmen und denkt so vor sich hin. Die Äpfel sind reif, denkt er, und ich habe niemanden, mit dem ich einen Apfel teilen könnte. Die Pilze wachsen im Wald, aber da ist keiner, der sich mit mir darüber freut. Und er stellte sich vor, wie schön es wäre, wenn er einen Freund hätte. "Willst du mein Freund sein?" fragte er einen Jungen, der des Weges kam. "Ich habe schon einen Freund, der heißt Ottokar", sagte der Junge und ging vorbei. So fragte der kleine Zauberer den Fuchs, die gescheckte Kuh und die Ziege mit dem Glöckchen. Aber alle hatten schon einen Freund. Und manche auch zwei. "Auch gut!" dachte der kleine Zauberer ärgerlich. "Dann werde ich mir einen Freund zaubern." Und er hob den Zauberstab und tat den Spruch. Dann machte er schnell die Augen ein bißchen zu, wegen der Überraschung, und als er sie wieder öffnete, saß neben ihm eine winzige Eule. "Beim Hokuspokus!" rief der kleine Zauberer überrascht, "ich hatte mir meinen Freund etwas größer vorgestellt!" "Einen Freund kann man überhaupt nicht zaubern", erklärte die Eule, und sie klappte ihre wurstscheibenrunden Augen auf und zu. "Einen Freund muß man gewinnen. Und auf die Größe kommt es dabei nicht an." Da bemühte sich der kleine Zauberer, die Freundschaft der winzigen Eule zu gewinnen. Sie sangen miteinander, der kleine Zauberer trug die Eule auf seiner Schulter spazieren, und nachts im Mondschein tanzten sie manchmal ein Tänzchen. Dabei mußte der kleine Zauberer natürlich furchtbar aufpassen, daß er der Eule nicht auf die Füße trat. Ja, und eines Tages waren sie wirklich Freunde geworden, und das war sehr schön. Aber da geschah es, daß sie in einen goldenen Buchenwald kamen. "Schau nur", schrie plötzlich die winzige Eule, und sie zeigte auf eine dunkle Höhle in einem Baum. "Da will ich wohnen!" "Aber", sagte der kleine Zauberer, "du kannst mich doch nicht verlassen. Du bist mein Freund!" "Ja", antwortete die Eule, und schon war sie in die Baumhöhle geschlüpft, "aber ich bin eine Eule, und eine Eule muß in einem Baum wohnen, das war schon immer so! Bitte, erlaube es mir!" Wenn man einen Freund wirklich liebhat, dachte der kleine Zauberer, dann muß man ihm helfen, daß er glücklich ist. Und er schenkte der Eule zum Abschied eine kleine weiße Blume. Aber jeden Monat einmal besuchte der kleine Zauberer die winzige Eule. Und so sind sie für immer Freunde geblieben. (von Gina Ruck - Pauquet)

## Reflexiounen zur Geschicht:

\*Matt engem **Zauberstaf**: kënnen d’Kanner hir Wënsch formuléieren.

„Hokuspokus simsalabim“... ech wënsche mir...

Wann’s du zaubere kéints, wat wéilts du da veränneren?...

Wat sinn Saachen déi s du dir wënsche géifs, déi anescht solle sinn...?

\*wien huet alles an dengem Häerz eng Plaz?


D’Kanner **bastelen** hiert Häerz a molen oder schreiwen all déi dra mat deenen si ganz vill frou sinn.

(Kopierënnerlag)

\*wou huet een mam Häerz op dech gelauschtert, oder dir eppes Léiwes gesot, oder mam Häerz gekuckt wéi et dir geet?




Käertercher (Aen – Ouer – Mond) Kanner molen schreiwen hir Erfarungen drop.

Oder: Käertercher grouss opzeechnen an d’Kanner stellen sech op dat betreffend Plakat an **erzielen**.



knicken

knicken



## Gefillsauer:

D’Kanner bastelen eng Gefillsauer

D’Auer gëtt op feste Pabeier kopéiert an ausgeschnidden, den Zär gëtt mat enger „Enveloppenklamer“ drun befestegt, esou dat een den Zär dréine kann.

\*Wéi **faarweg** si meng Gefiller. D’Kanner wielen déi betreffend Faarwe fir hier Häerzer op der Auer faarweg ze molen. Däischer/hell Faarwe je nom Gefill.

\*Oder d’Kanner gestalten hier Häerzer op der Gefillsauer mat betreffende Materialien. Wéi fillt sech Roserei, Freed , Trauer.... un.

\*Ët kann een och déi verschidde Gefiller déi een op d’Auer schreift selwer mat de Kanner sichen..

## Reflexioun:

Wéi gesäit ët a mengem **Häerz** aus?

D’Kanner sollen d’Méiglechkeet kréien, sech bewusst ze gi wat si grad fillen an doriwwer auszetauschen, resp. ze mierken an wouer ze huele wéi et deem anere grad geet.

Virun enger Versammlung kann ee mat der Gefillsauer den Ufank maachen, fir dat d’Kanner d’Méiglechkeet hun zur Rou ze kommen an ze landen.

...Oder als Bilan vun enger Aktivitéit.

...Oder beim léise vun engem Sträit/Konflikt, sech emol bewusst ze gi wéi deem aneren sech fillt.



